



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2919 vum 23. September 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "État de l'environnement"**

**1. Wéi eng Kläranlagen hei am Land, souwéi an der noer Grenzregioun rengen d'Ofwässer, déi aus industriellen Aktivitéite kommen?**

Prinzipiell kann all Kläranlag Ofwaasser rengen, wat aus "industriellen" Aktivitéite kënnt. Laut dem Artikel 46 vum ofgeännerte Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 hunn d'Gemengen d'Responsabilitéit fir d'Kollekt, d'Evakuatioun an d'Klärung vun den *eaux urbaines résiduaires*. D'*eaux urbaines résiduaires* ginn am Artikel 2 Punkt 19. vum Waassergesetz follgendermoossen definéiert: « les eaux ménagères usées ou le mélange des eaux ménagères usées avec des eaux industrielles usées ou des eaux pluviales et les eaux claires parasites ». Deemno ass fir keng Kläranlag hei am Land ausgeschloss, dass méi wéi just haislecht Ofwaasser ageleet gëtt.

Zu de Kläranlagen am Grenzgebitt ka keng Ausso gemaach ginn.

**2. Wéi héich ass d'Belaaschtung vun eise Biedem an Gewässer duerch Mikroplastik, PFAS (Phosphonsäiren) a Glyphosat? Kann de Minister des Wäerter opschlësselen : fir déi verschidde Fléissgewässer zu Lëtzebuerg? fir d'Joren 2015, 2020 an 2025?**

Esouwuel d'Waasser- ewéi och d'Ëmweltverwaltung sammeln Donnéeën zu deene Polluanten.

Par rapport zum **Mikroplastik** stëllt ee fest, dass an all Waasserproov aus Uewerflächegewässer Mikroplastik nozeweisen ass. Fir dës Belaaschtung besser aschätzen ze kënnen, lafen aktuell Studien.

Am Uewerflächebuedem ass am Duerchschnëtt 1 mg/kg vun den ënnersichte Mikroplastiker (z. B. Polyethylen, Polypropylen, Polystyrol, Acrylnitril-Butadien-Styrol-Copolymeren, Polymethylmethacrylat, Polycarbonaten, Polyvinylchlorid, Polyethylenterephthalat, Polyamid 6 a Polyamid 6.6) festgestallt ginn. Dëst entsprécht der Hannergrondkonzentratioun déi een och an aneren europäesche Länner feststellt. Wéinst Onkloerheeten an den Definitiounen a Limitatiounen an deene verschidde analytesche Methoden, ass keng gesamtheetlech Interpretatioun am Moment méiglech.

Mat Bléck op **Glyphosat** sinn d'Resultater am Uewerflächegewässer fir Perioden 2015 bis 2020 am zweeten<sup>1</sup> an drëtten<sup>2</sup> Bewirtschaftungsplang ze fannen. D'Analyse fir d'Joer 2025 lafen aktuell nach,

<sup>1</sup> [https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/2e-cycle-\(2015-2021\)/Plan-de-gestion-des-districts-hydrographiques.html](https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/2e-cycle-(2015-2021)/Plan-de-gestion-des-districts-hydrographiques.html) .

<sup>2</sup> [https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/3e-cycle-\(2021-2027\)/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final.html](https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/3e-cycle-(2021-2027)/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final.html) .

soudass keng Joreszuelen disponibel sinn. D'Analys vu Glyphosat am Buedem ass fir de Moment net Deel vun den Ermëttlung vum der Ëmweltverwaltung.

Fir d'**PFAS**-Famill ass aktuell just de PFOS fir d'Uewerflächegewässer gereegelt an huet ee Grenzwäert deen et anzehalen gëllt fir de gudden Zoustand vun de Gewässer ze erreechen. D'Resultater fir Perioden déi d'Joren 2015 bis 2020 ofdecken sinn och an deenen zwee Bewirtschaftungspläng ze fannen. Zënter 2024 ginn zousätzlech 20 weider PFAS Substanzen vun der Waasserverwaltung geprouft. D'Resultater vun deenen Analyse weisen, dass vill vun deenen 20 PFAS Substanzen op quasi all de geproufte Baachen a reegelméissegem Ofstänn detektéiert ginn. Well fir dës Substanzen nach keng Grenzwärter reglementéiert sinn, a wéinst der limitéierter Datebasis, ass keng detailléiert Interpretatioun pro Waasserkierper méiglech. Am Buedem ginn zënter 2024 verschidde Regiounen vum Land ënner ënnerschiddleche Landnotzungen analyséiert. Vun den 20 gemoossene PFAS goufen der bis elo 8 nogewisen. Déi total Konzentratiounen fir all 20 analyséiert PFAS-Verbindungen louchen tëscht 0,3 an 2,6 µg/kg gedréchentem Buedem, wat der typescher Hannergrondkontaminatioun an Mëtteleuropa entsprécht.

### **3. Glyphosat bilt sech ëmmer méi wéinst den anticalcaire Puddere fir Spull- a Wäschmaschinen.**

(Source: <https://www.chemie.de/news/1186259/glyphosat-kann-aus-waschmittelzusatzentstehen.html>) Gëtt des Observatioun och zu Lëtzebuerg gemaach?

Fir Lëtzebuerg gouf keng eegen Etude zu deem Thema gemaach, mee Donnéeën vu Lëtzebuerg sinn an der genannter Etude mat agefloss. Vu dass et sech hei ëm allgemenggelteg physico-chemesch Reaktiounen handelt, gëllen d'Resultater an d'Schlussfolgerungen aus anere Länner och fir Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2025

(s.) Serge Wilmes

Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit